# **Arrêté de compte fir 2010: Präsentatioun vun eise Recetten**

Den aktuellen Arrêté de compte refletéiert déi grouss a kontinuéierlech Ennerstetzung aus eiser ganzer Gemeng Nidderaanwen.

Als eischt huet d'Martine op eiser jährlecher Generalversammlung **d'Aktioune vun der Schoul** ernimmt:
D'Schoulkanner an d'Kollegen a Kolleginnen, zesummen matt den Elteren, Familljen an der APE hunn beim **Sandmärtchen** 6 644,61 € zesummegedroen.
Um **Schoulfest**, bei enger **Ausstellung vum Precoce** a beim **Tour de Luxembourg (Theâter) vun der Spillschoul** sinn iwer 2300 € zesummekomm.

De **Syndicat d'Initiative vun Niederanven** huet e **Concert matt VOICES INTERNATIONAL** organiséiert, wou e groussen Deel vum Erléis fir eis Associatioun war.

Mir hunn **en Don vu Lions Sigma** wou d'Elvire Comes Presidentin ass, krut; dat am Wärt vun 1 500 €

D'**Maggy Weber verkeeft** zu Gonschten vun der Associatioun **gebrauchte Bicher** ; an do sinn dest Joer 3400 an d'Kees komm.

An net ze vergiessen déi grouss finanziell a moralesch Ennerstetzung vun de **Gemengenautoritéiten.**
Sie hunn eis am Kader vum Klimabündnis eng Participatioun iwert 5 Joer vun 75 000 Joer zougesechert, dovun krute mir lescht Joer 20 000 Euros

Als Comité hu mir eis Associatioun och no baussen presentéiert.
Sou krute mir vun **Diddeleng hëlleft** en Don vun 6 000 Euros
Mir hu **bei diversen Manifestatiounen Artisanat verkaf** am Wert vun 1288 €

Bei de **Parrainagen** ass eng Recette vun 25 170 € erakomm an iwwert d'**Cotisatiounen** 860 €.

Den Total vun Recetten beleeft sech fir 2010 op 76 217, 26 Euros.